N°4476
Entrée le 16.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Justiz weiderzeleeden.**

Op der Plattform AtHome.lu gouf viru kuerzem eng Annonce vun der Agence "BGA – Bureau de gestion des avoirs" fir eng Immobil zu Ettelbréck (Réf. 9211271) publizéiert, mat engem Präis vun 1.111 €. Aus der Beschreiwung geet ervir, dass et sech ëm eng ëffentlech Stee ("Vente publique immobilière") handelt, déi den 21. Juli 2026 duerch de Receveur des domaines vun der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA zu Dikrech organiséiert gëtt.

Privat Immobilienagencen a Verkeefer si gesetzlech verflicht an hiren Annoncen de korrekte Präis unzeginn, an et ass offensichtlech, dass e Präis vun 1.111 € fir e Wunnhaus mat 183 m² Wunnfläch net dem Wäert respektiv der Mindestofsiicht ("mise à prix") vum Bien entsprécht.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass et korrekt, dass d'Annonce vum BGA (respektiv vum Receveur des domaines am Optrag vum BGA oder vum Staat) op AtHome mam Präis vun 1.111 € weder de reelle Wäert, nach d'Mindestgebuet vum Immeuble ugëtt? Wa jo, wat ass d'Grondlag fir dëse Präis?

2. Ginn déi selwecht Transparenzreegelen, déi fir privat Immobilienagencen a Verkeefer bei der Präisausweisung op Plattforme wéi AtHome gëllen, och fir Annoncë vu staatlechen Ariichtungen (BGA, AED, Domaines) respektéiert? Wa net, firwat net?

3. Firwat gëtt bei ëffentleche Verkeef vum Staat net d'Mindestofsiicht ("mise à prix") oder e realistesche Schätzwäert als Präis op de Portaler ugewisen, wéi dat bei anere Ventes publiques üblech ass?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Wéi vill Wunnhaiser a Wunnengen huet d'BGA am Duerchschnëtt pro Joer ënner Verwaltung, a wéi vill dovu ginn all Joer effektiv verkaaft? Aus wéi enge Quellen (saiséiert respektiv konfiszéiert Immobilien am Kader vu Strofprozeduren, Ierfschaften un de Staat, aner) stamen dës Immobilien?

5. Wéi vill Immobilien (Haiser, Wunnengen, Terrainen) huet d'AED iwwer de Portail de la fiscalité indirecte an de leschte Joren (z.B. zënter 2019) ëffentlech verkaaft, a wat war de Duerchschnëttspräis pro Quadratmeter, deen dobäi tatsächlech erzielt gouf?

6. Wéi eng Zuelen (Duerchschnëtt vun de leschten 10 Joer) ginn et zu der Ausbezuelung vum Erléis aus dëse Verkeef un den Trésor public respektiv un de Fonds de lutte contre certaines formes de criminalité?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten